N°1445
Entrée le 29.10.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 30.10.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29/10/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Kultur weiderzeleeden.**

Mengen Informatiounen no ass am Eislek, „Om Rank“ an der Gemeng Parc Husen e réimesche Goldschatz fonnt ginn. De Kulturministär hatt, menger Kenntniss no, och well e Finderloun ausbezaalt.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann de Minister bestätegen, datt om Schinker („Om Rank“) an der Gemeng Parc Husen an de leschte fënnef Joer e Goldschatz fonnt ginn ass ? Wa jo, wat genee ass fonnt ginn?
2. Sënn Ausgraawungen op dëser Plaz gemaach ginn a wéi eng Publikatiounen doriwwer si biswell gemaach ginn ?
3. Wat ass den historeschen an Euro-Wäert vam Goldschatz ?
4. Ass virgeséien, fir d'Thema Réimer am Eislek an Zukunft op Kulturministärniveau méi visibel ze maachen ? Wa jo, op op wéi eng Manéier?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten